

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg
Lëtzebuerg, den 13. Oktober 2021

Här President,


Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Arméiminister weiderzeleeden.

Bis 2030 soll de Verbrennungsmotor zu Lëtzebuerg nom Wëlle vun der Regierung zu Lëtzebuerg net méi nei zougelooss ginn.

An deem Zesummenhang géife mir dem Här Arméiminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren ob am Virfeld eng Impaktofschätzung vun dëser Decisioun fir d'Arméi virgeholl ginn ass? Wann net, firwat net?
- 2) Kann den Här Minister elaboréieren, iwwer wéi vill elektresch Gefierer d'Lëtzebuerger Arméi insgesamt verfüügt an a wéi engem Aufgabeberäich dës zum Asaz kommen?
- 3) Kann den Här Minister elaboréieren, iwwer wéi vill Luedstatiounen d'Arméi aktuell verfüügt a wéi sech d'Luedkapazitéit vun dëse Borne presentéiert?
- 4) Kann den Här Minister elaboréieren wéi d'Ëmstellung op Elektromobilitéit sech op déi zukünfteg Asazfähegkeet vun der Arméi wäert auswierken, souwuel op nationalem Plang wéi och am Fall vun Auslandsoperatiounen?
- 5) Kann den Här Minister elaboréieren op um Niveau vun der Nato scho Gespréicher iwwert d'Ëmstellung op Elektromobilitéit gefouert ginn, fir d'Interoperabilitéit vun der Arméi och zukünfteg ze garantéieren?
- 6) 2019 gouf bekannt, datt déi zwee Tesla Autoe vun der Police d'Donnéeën iwwert d'Fuerverhale erfaassen an un den Hiersteller iwwermëttelen. Kann den Här Minister elaboréieren, wéi dës Sécherheetsrisiko bei der Arméi soll vermidde ginn?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten



Fernand Kartheiser
Deputéierten